# NEWSLETTER

**Oktober 2021**

MLGREEN ËMWELTGRUPP zënter 2018

## Mosel clean up





Den **18. September** hunn mir zesumme mat der Stad Gréiwemaacher am Kader vum **MoselCleanUp** laanscht d'Muselufer Dreck gesammelt.



**50958** kg recovered
www.moselcleanup.org




Duerch déi sëllegen **Zigarettestëmp** déi mir an der Natur fonnt hunn, si mir alt nees op déi grouss Zigaretteproblematik opmierksam gemaach ginn.







Bei ca. **800 Kg** Offall pro Persoun a Joer hei zu Lëtzebuerg, ass et ëmsou méi wichteg eisen Dreck richteg ze entsuergen.

Déi nei App **"Mäin Offall - Meng Ressourcen"** vum Ëmweltministère mat digitalem Offallkalenner kann eis all dobäi hëllefen.

## SAVE THE DATE




Den **Dag vum Bam** ass en internationalen Dag, deen 1951 vun de Vereenten Natioune beschloss ginn ass. En soll op déi wichteg Bedeitung vun de Beem souwéi op hire positiven Afloss op eist Klima opmierksam maachen. D'ACTPA **Eise Gaart** planzt fir dës Iddi ze ënnerstëtzen en **Äppelbam** den 18.11. bei eis an de **Schoulhaff**!

**www.naturemwelt.lu**

## Green-Challenge

Mir invitéieren op eis **„Green-Challenge"** vum Mount

**1 Woch nëmmen Krunnewaasser aplaz Fläschewaasser drénken**

**Only drink tap water instead of bottled water for 1 week**

100 joer natur&ëmwelt

**#ConsciousChallenge**



## Internationalen Dag vum Honger

**„Däin lessen géint den Honger"**

Wéi mir all wëssen dréit eis Ernierung e ganz wesentlechen Deel zum Honger weltwäit bei.

Am Kader vum **Internationalen Dag vum Honger,** de 16. Oktober, hei eng kleng Inspiratioun fir e **vegetarescht an saisonaalt Rezept.**





## MLG-Cans

Bidon'en fir eis 7ᵉ Schüler

Fir dass mir och an eiser Schoul an Zukunft eise Plastiksoffall reduzéiert kréien, kruten eis 7ieme Schüler och dëst Joer erëm eis **MLG-Cans** am neien Design.

D'Iwwerreechung vun de Bidonen gouf verbonne mat engem klenge Workshop vun der **Superdreckskëscht** an dem **MLGreen**.

SEA SHEPHERD

All Minutt ginn honnerten **Haien** eleng fir Haiféschflossenzopp ëmbruecht. Well d'Déieren selwer **"net méi ze gebrauchen sinn"**, gi si lieweg zeréck an d'Mier gehäit, wou si grausam stierwen.




Är Ënnerschrëft bei der EU-Biergerinitiative **"STOP FINNING – STOP THE TRADE"** bitt déi eemoleg Chance, d'EU-Gesetzgebung ze änneren an Haien ze retten.

**MERCI!**

**#StopFinningEU**

**Opruff**

un all d'Memberen vun der Schoulgemeinschaft

Wann dir Interessi hutt bei eis matzehëllefen an iech am MLGreen anzebréngen

Dann mellt iech!

**mlgreen@mlg.lu**